# Klautjen

Gemengeblat Biissen

01/2018

**Gemeng Biissen. Eng Gemeng déi verbënnt.**



# eDITO

Léif Matbierger,

haut hutt Dir déi éischt Ausgab vum "Klautjen" zënter de leschte Gemengewahlen am Grapp.

Firwat huet et esou laang gedauert? Mat de Gemengewahlen huet d'Mandat vun der fréierer Infoskommissioun opgehalen. En décke Merci un hir Membere fir hir wäertvoll Mataarbecht an der leschter Legislaturperiod.

A senger Sitzung vum 20. Mäerz 2018 huet de Gemengerot déi nei Membere vun der "Commission des relations publiques" gewielt. De Schäfferot wënscht der neier Equipe, mä och deenen anere Mataarbechter, déi op iergendeng Manéier eng Hand mat upaken, dat néidegt Geschéck am Zesummestelle vun den neien Nummere vum Klautjen.

Donieft soll d'Kommissioun awer och de Schäfferot an der Ëffentlechkeetsaarbecht beroden. Esou konnt schonns op d'Initiativ vun der neier Kommissioun e Programm fir de Kiermesweekend publizéiert ginn.

Et si grouss an delikat Aufgaben, déi d'Membere vun der Kommissioun iwwerholl hunn, an de Schäfferot wënscht hinne vill Courage an Ausdauer an hofft, datt de Klautjen eng interessant a lieweg Informatiounsquell fir all Bierger aus der Biisser Gemeng bleift.

**De Schäfferot**

# Sommaire

**Klautjen 01/2018**


Gemengewahlen 2017 — 3
Les commissions communales — 4-5
In memoriam – Nicolas Agnes — 5
Wouhier kënnt den Numm Biissen — 6
Keine dicke Luft — 6
Neijoerschfeier 2018 — 7
Nuit du Sport 2018 — 8
LALA „Lauter lëschteg Lauter" De Liesfërderprogramm fir d'Spillschoul — 10
Geburtstagsfeier in flotter Atmosphäre — 11
Glückwünsche für 24 Heimbewohner im „Home St. Joseph Miersch" — 12

**Crèche Margréitchen, Maison Relais, Ecoles**

Projet Weidenhaischen — 13
Chrëschtmaartpreparatiounen an der Crèche — 13
Projet "Ech - Mäi Kierper, meng Sënner a meng Emotiounen" — 14
Fotoprojet vun der Crèche an der Maison Relais — 14
Recycling an eis Ëmwelt — 15
Superdreckskëscht-Label fir d'Crèche Margréitchen — 16
Dem Ouschterhues op der Spuer — 17
De Kleeschen op Besuch an der Crèche — 18
Fuesparty an der Crèche — 19
Classe de neige 2018 à Saint-Nicolas-la-Chapelle — 20

**Biissen am Zäitvergläich — 22**

Konveniat vun de Joergäng 1940 bis 1950 aus der Biisser Primärschoul — 23

**Kommissiounen**

Chrëschtmaart 2017 — 24
Bisart 2018 — 26
Fest vum 3. Alter — 28
Internationaler Wassertag — 29

**Verschiddenes**

ASIVEMA-Trëppeltour — 30

**Associations – Clubs**

Spirituelle Concert vum Club Uelzechtdall — 31
Amis de la fleur spendet — 31
The Gospel People — 32
Harmonie St. Petrus & Paulus vu Maastricht — 33
Galaconcert vun der Biisser Musek — 34
Scheck-Iwwerreechung — 35
FC Atert ass an d'Eirepromotioun gestiegen — 36
Volleyball Club Bissen — 37
Generalversammlung vum Dammentournveräin — 37
Nachprimiz von Jacques Bruns — 38

**Services**

infotip myenergy – Halten Sie Ihre Wohnung pollenfrei! — 39
Pacte Climat - L'économie circulaire dans ma commune — 40
Service Krank Kanner Doheem – Anmeldeformular — 42

**Extrait du registre aux délibérations du conseil communal — 44-50**

**Kontakter op der Gemeng — 51**

**Manifestatiounskalenner — 52**



**Editeur:**

Administration communale de Bissen / Commission consultative des relations publiques

1 rue des Moulins
L-7784 Bissen
Tél. 83 50 03-1

www.bissen.lu / klautjen@bissen.lu

Like us on facebook
www.facebook.com/gemeng.biissen

**Redaktioun:**

Membres de la commission des relations publiques:
BECKER Marc, HOSCHEID Christian, MULBACH Carlo, QUINTUS Jean, SCHMIT Romain, SCHUMMER Paul

Autres:
STEFFEN Max (pour la commune de Bissen), REUTER Linda (Crèche), REISER Charel (Wort), HANSEL Carine (Maison Relais), ENGEL Pascale, VERSCHEURE Patrice (Maison de l'eau), divers membres des clubs locaux

**Layout:** www.reperes.lu

De Klautjen gëtt gratis un all Haushalter an der Gemeng Biissen verdeelt.

Net bestallten Textbeiträg ginn net zréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.

**www.bissen.lu**

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C008551

# Gemengewahlen 2017

Fir d'Gemengewahle vum 8. Oktober 2017 waren 1.722 Awunner op de Wielerlëschten ageschriwwen, dovunner 1.560 Lëtzebuerger an 162 Net-Lëtzebuerger. Op 2 Lëschten haten 22 Matbierger hir Kandidatur gestallt, dovunner 3 Dammen.

Am Ganze goufen 1.523 Wahlziedelen an d'Urn geworf. Vun dësen Ziedele waren 1.397 gülteg, 55 wäiss an 71 „nul". 118 Matbierger haten op d'Bréifwahl zréckgegraff.

| | Lëschte-stëmmen | Individuell Stëmmen | Total vun de Stëmmen | a Prozent | Sëtz |
|---|---|---|---|---|---|
| **CSV** | 2.266 | 4.732 | 6.998 | 51,81 % | 6 |
| **Är Leit** | 1.650 | 4.860 | 6.510 | 48,19 % | 5 |



| Individuell Stëmme vun de Kandidaten op der Lëscht CSV | |
|---|---|
| SCHUMMER Jos | 1.107 |
| CLEMENT Frank | 926 |
| MULBACH Carlo | 844 |
| FAGNY ép. KRAUS Joëlle | 678 |
| BARROS DINIS ép.SEYLER Cindy | 655 |
| HOSCHEID Christian | 584 |
| MACHADO Paulo | 521 |
| LUCAS Romain | 498 |
| URWALD ép. BRÜCK Diane | 470 |
| FREDERES Romain | 439 |
| RODARO Walther | 276 |

| Individuell Stëmme vun de Kandidaten op der Lëscht Är Leit | |
|---|---|
| VIAGGI David | 1.243 |
| SAURFELD Roger | 771 |
| ENGLEBERT Kevin | 634 |
| LUCIUS Georges | 581 |
| BRUNE Loïc | 579 |
| FEIEREISEN Alain | 545 |
| FEITH John | 533 |
| CALDARELLA Marvin | 478 |
| BREYER Chris | 438 |
| VAN KAUFENBERGH André | 356 |
| DEPREZ Marc | 352 |

# Gemeng

## Commission de l'intégration

**Président:** Georges Lucius
**Membres effectifs:**
Kelly Adao Do Carmo
Adelaide Margaride Antunes Pereira
Cindy Barros Dinis
Emmanuel Fradin
Daniela Lopes
Paulo Machado
Adélaïde Nénque
Claudio Mata
Roger Saurfeld
Arlette Weber
**Membres suppléants:**
Maria De Lurdes Rios Carvalho
Fernandes Ferraz
Patrick Sibilio
Patrik Thilman
Marc Becker

## Commission scolaire

**Président:** Frank Clement
**Membres:** Cindy Barros Dinis
Christiane Bourg
Marvin Caldarella
Pascale Engel
Joëlle Fagny
Ben Huberty
Georges Lucius
Nathalie Marques Da Costa

## Commission de l'urbanisme et du développement communal

**Président:** Cindy Barros Dinis
**Membres:** Mike Graas
Georges Hames
Joé Reuter
Roger Saurfeld
Benjamin Schmitgen
Albert Scholler
David Viaggi
Jean-Paul Waltener

## Commission de la culture

**Président:** Roger Saurfeld
**Membres:** Loïc Brune
Marthe Dasbourg
Jeannot Ley
Csaba Papp
Romain Schmit
Marcel Schneider
Jennifer Stammet
Sébastien Steffes

## Commission de l'environnement et de la forêt

**Président:** Joëlle Fagny
**Membres:** Marvin Caldarella
Marc Deprez
Laurent Glaesener
Marc Hans
Louis Horsmans
Romain Lucas
François Maisch
Jean Wolter

## Commission des événements

**Président:** David Viaggi
**Membres:** Loïc Brune
Kim Clement
Steve Diederich
Romain Frederes
Joé Reuter
Romain Schmit
Marcel Schneider
Patrick Sibilio
André Van Kaufenbergh
Claude Winkin

## Commission des relations publiques

**Président:** Carlo Mulbach
**Membres:** Marc Becker
Christian Hoscheid
Jean Quintus
Romain Schmit
Paul Schummer

## Commission de la jeunesse

**Président:** Kevin Englebert
**Membres:** Cindy Barros Dinis
Claudine Bonifas
Marvin Caldarella
Kim Clement
Paulo Machado
Edith Roilgen
Christian Semaro
Laura Weynandt

## Commission « Pacte climat »

**Président :** Jos Schummer
**Membres :** Laurent Glaesener
Marc Hans
Georges Kraus
Serge Krier
Romain Lucas
Georges Lucius
Jean-Paul Pleim
David Viaggi

## Commission de la mobilité, de la sécurité routière et de la voirie

**Président :** David Viaggi
**Membres :** Kim Biever
Chris Breyer
Christian Dahm
Luc Engel
Kevin Feiereisen
Carlo Mulbach
Christiane Muller
Claude Schleich
Steve Seyler
David Viaggi
Raymond Weisgerber

## Commission du sport

**Président :** Christian Hoscheid
**Membres :** Marc Deprez
Steve Diederich
Kevin Englebert
Romain Frederes
Fabien Pieretti
Laurent Schaack
Christian Schaus
Amanda Cristina Trindade Pereira
Michel Useldinger
Claude Winkin

## Commission du troisième âge

**Président :** Joëlle Fagny
**Membres :** Cindy Barros Dinis
Marie-Yanne Eldewys
Peggy Goossens
Georges Lucius
Nicole Meylender
Patrick Schmit
Ginette Schmitz
Arlette Weber

# In memoriam



## Nicolas Agnes

né le 22 mars 1943

décédé le 28 février 2018

Instituteur à Bissen 1967-2004

Président LASEP Section de Bissen 1988-2008

Délégué du personnel enseignant 1986-1996

Membre fondateur de la Section Atert de la Ligue HMC

# Biissen

## Eng Erklärung vum Numm




D'Duerf Biissen bezitt säin Numm aus zwee keltesche Wierder, déi di grouss Kéier vun der Atert am Agank vum Duerf beschreiwen – Bys courbure en rivière.

Dës Erklärung vum Numm fanne mir an engem ale Buch aus dem Joer 1844, "Itinéraire du Luxembourg Germanique ou Voyage historique et Pittoresque dans le Grand-Duché" par le Chevalier l'Evêque de la Basse Moûturie, op der Säit 376.

Biissen ass och zäitweileg mat "Biessen" geschriwwe ginn, sou wéi mir et haut nach ausschwätzen.

Joq

## Gemeng

# Keine dicke Luft

In 98 Messpunkten führte das Nachhaltigkeitsministerium vom 10. Januar bis 4. April 2018 Stickstoffoxidmessungen durch - die Gemeinde Bissen war eine davon. Grund für jene Analysen ist die Tatsache, dass gerade an stark belasteten Verkehrsachsen immer wieder erhöhte Werte gemessen werden. Hierzu war in der hiesigen Grand-Rue ein Messgerät aufgehängt.



Vom 10. Januar bis 24. Januar wurden 26 ug/m³ gemessen, vom 24. Januar bis 7. Februar 24 ug/m³ und vom 7. Februar bis 21. Februar 35 ug/m³. Folglich war der Schnitt von 28 ug/m³ deutlich unter den zulässigen Grenzwerten, so dass die Luftmessungen seitens des Nachhaltigkeitsministeriums eingestellt wurden.

# Neijoerschfeier

## den 12. Januar 2018

De Buergermeeschter a seng Schäffen haten den 12. Januar 2018 op hir traditionell Neijoerschfeier an d'Hal Frounert agelueden. No der offizieller Begréissung a Gléckwënsch fir dat neit Joer, huet den Här Buergermeeschter Jos Schummer alle Mataarbechter aus de Gemengeservicer, dem Léierpersonal, de Pompjeeën an de Kommissiounsmemberen e grousse Merci ausgeschwat fir hir wäertvoll Aarbecht am Déngscht vun den Awunner.

Am Laf vun der sympathescher Feier ass den Här Camille Schleich fir seng 25 Joer als Receveur vun der Gemeng geéiert ginn. Verabschit goufen d'Madamm Doris Ley, Reliounsenseignante an der Biisser Schoul, an d'Madamm Eliane Van Kaufenbergh, déi bei der Kannerbetreiung am Schoulbus matgeschafft huet. Béid Dammen kruten e Kaddo iwwerreecht.

Mat engem gudde Maufel an engem flotte musikaleschen Encadrement gouf d'Neijoerschfeier e gelongenen Owend.













# Nuit du Sport den 2. Juni 2018









Déi drëtt Editioun vun der Nuit du Sport zu Biissen war den 2te Juni 2018 am neie Sportkomplex (Z.A.C. Klengbousbierg) an zwar um neie synthetesche Foussballterrain.

Wéi schonn déi zwou éischt Editiounen, war och d'Nuit du Sport vun 2018 ee vollen Erfolleg. Dëst spigelen am beschten d'Aschreiwungszuelen erëm: 2017 hate mir eng 270 Aschreiwungen an 2018 waren et der 330. Mir haten d'Chance, dass och dëst Joer d'Wieder matgespillt huet.

Trotz der neier Plaz hu ganz vill Leit eis fonnt. Gehollef huet sécherlech, dass am Virfeld Fändelen a Beschëlderungen uechtert Duerf opgeriicht goufen.

Hei ass eng Lëscht mat den Aktivitéiten vun deem Owend:

- Bossaball – Volleyball Club Biissen
- Torwandschiessen – FC Atert Jugend
- Nordic Walking – Dammenturnveräin
- Bocce – Tricentenaire
- Bubble Football – LASEP
- Bodykicker – Dëschtennis Biissen
- Powerwall – Tennis Club Biissen
- Gladiator Arena – Sportskommissioun
- Rugby Training – Rugby Luxembourg
- Sprangschlass "Foussball Arena" – Gemeng Biissen
- Blanneparcours – AMVA ASBL


Diekirch

# LALA
# "Lauter lëschteg Lauter"

## De Liesfërderprogramm fir d'Spillschoul

**Dr. Pascale Engel de Abreu**
**Université du Luxembourg**



All Joer fänken zu Lëtzebuerg em déi 5,000 Kanner d'Spillschoul nei un. National Etüde weisen, datt bal d'Hallschent vun deene Kanner am Alter vu 9 Joer, net dee Niveau am Liesen erreechen, dee mir ustriewen. Zéng Prozent vun dëse Kanner entwéckelen, souguer eng méi gravéierend Liesschwieregkeet, wéi zum Beispill eng Dyslexie. Nei Fuerschung weist datt mir net musse waarde bis d'Kanner an der Schoul versoen, éiert mir hinnen Hëllef ubidden. Präventiounsprogrammer an der Spillschoul hunn d'Potential fir alle Kanner déi beschtméiglech Chance op eng erfollegräicht Schoulcarrière se ginn. Am Grupp fir Sprooch a Kognitiv Entwécklung op der Universitéit Lëtzebuerg gouf e neie Liesfërderprogram fir de Cycle 1 entwéckelt. De Programm heescht „LALA - Lauter lëschteg Lauter".

De LALA Programm besteet aus Sproochspiller an Aktivitéiten op Lëtzebuergesch, déi den Enseignant puer mol d'Woch, a kuerzen Unitéiten, mat senger Klass kann duerchféieren. De Programm dréit em de Papagei LALA, deen d'Kanner an der Klass besiche kënnt. All Materialien an Aktivitéite goufe spezifesch fir dëse Programm ausgeschafft, baséierend ob neisten Erkenntnisser aus der Fuerschung a mat Bléck ob eise lëtzebuergesche Schoulkontext an eis multilingual Schülerpopulatioun.




De LALA Programm gouf während 2 Joer ausgeschafft an iwwert 3 Joer wëssenschaftlech evaluéiert. Am ganzen hunn iwwert 200 Kanner an 8 verschiddene Schoulen, dorënner d'Biisser Schoul, um Fuerschungsprojet deelgeholl. Féier Schoulen hunn iwwert 12 Woche mam LALA Programm geschafft an déi aner 4 Schoulen hunn deen normale Schoulprogramm gemaach. D'Vergläichsgrupp goufen sou gewielt, dat deen eenzegen Ënnerscheed, dee war, dass déi eng Kanner mam LALA Programm geschafft hunn an déi aner net.

D'Resultater sinn immens positiv a weisen datt de LALA Programm een Erfolleg ass. D'Kanner, déi um LALA Programm deelgeholl hunn, hunn an den Aufgabe vun de Firleeferkompetenzen vum Liese signifikativ besser ofgeschnidde wéi déi Kanner, déi de LALA Programm net gemaach hunn. Ee besonnesch encourageant Resultat war dat, dass och déi Kanner, déi doheem kee Lëtzebuergesch schwätzen e gudde Progrès duerch de LALA Programm gewisen hunn an dat obwuel de Programm jo ob Lëtzebuergesch duerchgefouert gouf.

Lala
Lauter lëschteg Lauter

Fonds National de la Recherche Luxembourg
SUPPORTED BY THE LUXEMBOURG NATIONAL RESEARCH FUND

YouTube VIDEOEN ZUM LALA PROGRAMM:
**www.youtube.com/watch?v=mdjE8CnDUIk&t=1s**

Gemeng

# Geburtstagsfeier



Mit Beginn des neuen Jahres steht die Wertschätzung der älteren Generation in der Gemeinde Bissen unter einer neuen Form im Fokus. Bedingt durch die stete Zunahme von Einwohnern die sich in Bissen niederlassen, kam man zum Entschluss, die Jubilare nicht mehr, wie in den vergangenen Jahren üblich, zum Geburtstag zu Hause zu besuchen, sondern in einem Zeitraum von circa drei Monaten, übers Jahr verteilt, zusammen einzuladen und so gemeinsam Geburtstag zu feiern. Am 24. Januar fand im Festsaal „ Wonerbatti" die erste gemeinsame Geburtstagsfeier statt, wo Bürgermeister Jos Schummer mit seinen beiden Schöffen Frank Clement und Carlo Mulbach den Jubilaren mit der Überreichung eines Geschenkkorbs die allerbesten Glückwünsche seitens der Gemeindeverwaltung Bissen überbrachte. In flotter Atmosphäre, bei einem Glas Sekt mit kleinen Häppchen, bedankten sich die Geehrten für die Gratulationen und Geschenke und wiesen darauf hin, dass diese Feier in neuer Form den Geburtstagskindern die beste Gelegenheit biete, Gedanken und Anekdoten untereinander auszutauschen. Die Jubilare der Monate Oktober bis Januar waren Joseph Leven (90 Jahre), Eugénie Catherine Langue und Thérèse Thilmany (85). Anne Rech, Léonie Weber und Léo Wammer (85) die der Feier nicht beiwohnen konnten, wurde ebenfalls gratuliert.



Gemeng

# In entspannter Atmosphäre

Bereits zum zweiten Mal nach neuer Tradition in diesem Jahr, lud die Gemeindeverwaltung Bissen am 19. April ihre Jubilare der Monate Februar, März und April ein, um gemeinsam Geburtstag zu feiern. Im Festsaal Wonerbatti wurden die Ehrengäste mit ihren Familienangehörigen von Bürgermeister Jos Schummer in Gegenwart der beiden Schöffen Frank Clement und Carlo Mulbach herzlich begrüßt. Mit der Überreichung eines Geschenkkorbes überbrachten die Gemeindevorsteher die allerbesten Glückwünsche an die Jubilare seitens der Gemeindeverwaltung Bissen und wünschen Ihnen einen weiteren gesunden und zufriedenen Lebensabschnitt. In geselliger Atmosphäre bei Sekt und kleinen Häppchen wurden viele Erinnerungen und Anekdoten aus der Jugendzeit und aus dem aktiven Leben der Geehrten ausgetauscht. Einen Happy Birthday gab es für folgende Jubilare: Marcel Raths (95 Jahre) und Théo Wantz (90 Jahre). Albert Pauly (85 Jahre), der dieser Feier nicht beiwohnen konnte, wurde ebenfalls gratuliert.



Gemeng

# Glückwünsche
## für 24 Heimbewohner
## im „Home St. Joseph Miersch“



Die beliebte Geburtstagsfeier, die jeden dritten Monat im Jahr stattfindet, bereitet den Heimbewohnern des „Home St. Joseph Miersch“ mit ihren Familien jedes Mal sehr viel Freude. Anlässlich der ersten Feier dieses Jahres, war es für Direktor René Wirth mit Oberschwester Paule Detampel und seinen Mitarbeitern Michael Hillmer und Nicky Wintringer, nach ihren Neujahrswünschen, eine besondere Ehre allen 24 Jubilaren die Glückwünsche des Hauses zum Geburtstag zu überbringen. Zu den Gratulanten gehörten ebenfalls die Vertreter der Gemeinden Helperknapp, Bissen, Larochette, Colmar-Berg, Mersch und Lintgen mit Claude Mathekowitsch, Jos Schummer und Carlo Mulbach, Natalie Silva und Nico Dhamen, Isabelle Wickler, Christiane Haubrich-Schandler, Henri Krier und Thierry Larsel. Während das Animationsteam mit Entertainer „ Ferdy“ für beste Stimmung im bunt geschmückten Saal sorgte, freuten sich alle Jubilare über die Rose die ihnen zu ihrem Ehrentag geschenkt wurde. Natürlich trug das Aufschneiden des großen Geburtstagskuchens zur besonderen Freude dieser Feier bei. Die Geehrten der Monate Oktober bis Januar waren: Catherine Cornelius-Reckinger (76 Jahre), Maggy Lieffring-Raas (78), Sr. Gabrièle Thull und Joseph Braas (79), Marie-Louise Medernach-Kreintz (83), Jean-Pierre Granelli (84), Hélène Wirth-Salentiny (85), Yvonne Gillen-Brück (86), Frank Spielmann und Roger Hilbert (87), Anna Mertens-Schmitz (88), Albertine Arendt-Monen, Sr. Marie-Remy Eipers und Suzanne David-Hary (91), Nathalie Wampach-Weis und Marie Schroeder-Schiltz (92), Yvonne Greisch-Schroeder, Hélène Lanners-Neumann und Marie Molitor-Bettendorf (93), Marie Parmentier-Baum, Marie Lecomte-Muller und Maria Neu-Neises (94), Jean-Pierre Origer (96) und Françoise Offermann-Kirsch (97).

# Projet "Weidenhaischen"



"Ween? Wéi? Wou? Firwat?", 1000 Froen déi eng Äntwert fuerderen, 1000 flott Saachen déi et ze entdecke gëtt. Ouni Froen, kee verstoen, ouni probéieren kee léieren, kee begräifen ouni gräifen. An dat ass och eise Motto wärend de Méint Abrëll, Mee a Juni 2018. Als Iwwergang vum Projet zur Ëmwelt hin zum neie Projet „Kleng Fuerscher" huet d'Crèche Margréitchen, zesumme mat de Kanner, hiren Elteren an der Equipe vun der Gäertnerei vun der Biisser Gemeng en neie Projet op d'Been gestallt: mir bauen e Weidenhaischen. E Mëttwoch, den 9ten Mee hunn d'Leit sech versammelt fir, zesummen a mat Hëllef vun der Gäertnerei, de Kanner ee Weidenhaischen ze flechten.

Als kleng Stäerkung kruten all déi, déi matgemaach hunn, am Kader vun de Fairtrade-Wochen, e Pick-nick mat fair gehandelte Produiten.

D'Crèche Margréitchen seet e grousse Merci un all d'Leit déi gehollef hunn, dëse Projet ze realiséieren: der Gemeng a besonnesch dem Marc Junk, deen de Projet geleet huet, dem Max Steffen, dee jiddereen an dat gutt Liicht geréckelt huet, eisen Elteren, déi ëmmer Zäit fir d'Crèche fannen an de Kanner, déi ëmmer gären eng Hand mat upaken.

---

# Chrëschtmaartpreparatiounen

## an der Crèche

De Chrëschtmaart zu Biissen steet virun der Dier. Kuerz virdrun ass de Bastel-Nomëtten mat den Elteren um Programm. D'Eltere konnte mat hire Kanner bis laanscht komme fir zesumme Chrëschtkaarten ze bastelen. Mat Pech a Fangerfaarf gouf experimentéiert a Grouss a Kleng haten hire Spaass. Dono gouf sech mat selwer gebake Kichelcher a frësch gepresstem Jus gestäerkt. Schlussendlech sinn hir Wierker um Chrëschtmaart um Stand vun der Maison Relais an der Crèche verkaaft ginn an d'Suen goufen un de Kleesche gespent.





# Crèche Margréitchen



## Projet "Ech - Mäi Kierper, meng Sënner a meng Emotiounen"

Vun Oktober bis Dezember 2017 stoung den „Ech“ am Mëttelpunkt vun den Aktivitéiten an der Crèche. Zum „Ech“ gehéiere ganz vill wichteg Punkten a sou hu mir als éischt mam Thema „Eise Kierper a seng Mierkmoler“ ugefaangen. Mir hunn eis Gréisst, Gewiicht, Aefaarf, Hoerfaarf asw. ugekuckt - d'Grondlag vun der Selbstwahrnehmung vun de Kanner. Mir hunn eis gefrot woura mir d'selwecht sinn a wou mir eis ënnerscheeden.

Als zweete Punkt hu mir eis mat der Wahrnehmung an eise Sënner beschäftegt. D'Fäegkeeten an d'Fertegkeete vun engem Mënsch entwéckelen sech eréischt duerch d'Erfarungen, déi t'Kand duerch seng Sënner mat der Ëmwelt mécht. D'Wahrnehmung soll also net nëmme bäileefeg geschéien, mä bewosst ugereegt ginn. D'Wahrnehmung ass och d'Basis fir d'Perséinlechkeetsentwécklung an dréit zu engem méi héije Liewensgefill bäi. Mat der Entwécklung vun de Sënner fänkt och t'Léieren un - Erfarunge mat Hëtzt, Luucht, Keelt, Faarwen a Stëmmen,... D'Kanner konnte vill ausprobéiere fir Erkenntnisser zur Wahrnehmung ze sammelen. Mir hu gekuckt, geroch, getaascht, geschmaacht a gelauschtert fir dëse Froen op de Grond ze goen.

Zu gudder läscht sinn eis Emotiounen e wichtegt Stéck vun eisem Ech. Nach éier mir schwätze kënnen, erkenne mir an de Gesiichter Freed, Besuergnes oder Onzefriddenheet a léieren dës ze deiten. D'Bedeitung vun de Gefiller ze kennen ass wichteg fir eng gesond Entwécklung vun der eegener Perséinlechkeet. Mir hunn de Kanner gewisen, dass Emotiounen neutral sinn an net bewäert ginn. Angscht, Roserei an Trauregkeet si genau sou wichteg wéi Freed oder Courage. Wichteg ass, wéi mir domat ëmginn. D'Wahrnehmung vun den eegenen Emotiounen ass d'Basis fir e respektvollen a récksiichtsvollen Ëmgang ënnereneen.

Mir hunn eis an deenen dräi Méint genee ënnert t'Lupp geholl, eis Sënner danzen an eist Häerz schwätze gelooss. Et war e gelongene Projet wann ee bedenkt, dass t'Kanner haut verschidde Kierperdeeler benennen an Emotioune verbaliséiere kënnen an zum Beispill zu engem, dee kräischt, soen "Oh, bass du traureg".

---

## Fotoprojet vun der **Maison Relais** an der Crèche

Fir d'Chrëschtdagszäit hunn de Grupp Spillschoul aus der Maison Relais an d'Crèche zesummen e Fotoshooting op d'Been gestallt. All t'Kanner hunn eng schéi Foto am Chrëschtdagsdekor gemaach, déi dann am Dezember un d'Eltere verschenkt ginn ass. Geschwëster aus béiden Institutiounen hunn sech och zesumme knipse gelooss. D'Freed sech flott unzedoen a Mamma a Pappa ze iwwerraschen war grouss.



# Projet Recycling an eis Ëmwelt



An den éischten 3 Méint vun 2018 stoung t'Ëmwelt am Mëttelpunkt vun den Aktivitéiten an der Crèche Margréitchen. D'Natur ass iwwerall ronderëm eis a si deet eis richteg gutt - mä wa mir an Zukunft net gutt op si oppassen, da kann dat schwéier Konsequenze fir Mënsch an Déier mat sech bréngen. Wat ass gutt a wat ass net gutt fir eis Ëmwelt – a firwat? Eist Zil war et, d'Kanner vu ganz klengem un iwwert d'Wichtegkeet vu verschiddene klengen Handlungen ze sensibiliséieren, fir aktiv zu enger gesonder Ëmwelt bäizedroen.

Ee Schwéierpunkt vun dësem Projet war den Thema Recycling. Wou kënnt wat hin? Wat gehéiert an d'Natur a wat net? Mir waren de Camion vun der Superdreckskëscht kucken, mir hu mat Recycling-Material gebastelt, mir hunn e Fotoshooting zum Thema gemaach... T'Kanner bedeelege sech aktiv an der Crèche a wëssen, dass mir net einfach alles an déi gro Dreckskëscht maachen: Pabeier a Plastik trennen, dat kënnen eis Kanner schonn.

Am Kader vun dësem Projet krut t'Crèche, zesumme mat der Gemeng Biissen, den 18ten Abrëll 2018 de Label vun der Superdreckskëscht vum Här Uwe Zock iwwerreecht.

# Projet Recyclage et notre environnement

Du janvier à mars 2018, notre sujet était l'environnement. La nature nous entoure et nous fait du bien, mais si on ne veille pas à la protection de la nature, ceci amènera des conséquences néfastes pour les hommes et les animaux. Qu'est-ce qui est bon et qu'est-ce qui est mauvais pour notre environnement et pourquoi? Le but principal de note projet était de sensibiliser les enfants dès le petit âge sur l'importance des petits gestes aidant à protéger l'environnement.

Le point principal du projet était le recyclage - Où est-ce qu'on met quoi? Qu'est-ce qu'on peut jeter et qu'est-ce qu'on ne peut pas jeter dans la nature? Nous sommes allés voir le camion de la «Superdreckskëscht», nous avons bricolé avec des matériaux recyclés, nous avons fait un photo-shooting recyclage... Les enfants ont participé activement au projet et ils ont appris à ne pas tout mettre dans la poubelle grise, mais à trier certains déchets comme par exemple le papier et le plastic.

Dans le cadre de ce projet, la Crèche Margréitchen, en collaboration avec la commune de Bissen, a reçu le 18 avril 2018 le label de la «Superdreckskëscht».



# Superdreckskëscht -Label

## fir d'Crèche Margréitchen



An deene leschten 3 Méint stoung eis Ëmwelt am Mëttelpunkt vun den Aktivitéiten an der Crèche Margréitchen. D'Natur an eisem Ëmfeld deet eis richteg gutt an se schéngt ëmmer do ze sinn - mä wa mir an Zukunft net gutt op si oppassen, kann dat schwéier Konsequenze fir Mënsch an Déier mat sech bréngen. Wat ass gutt a wat ass net gutt fir eis Ëmwelt – a firwat? Kanner wëlle scho virum Schoulalter d'Welt ronderëm si entdecken a verstoen a virun allem mat agebonne ginn a sech selwer bedeelegen. D'Crèche Margréitchen ass vun dësem Virwëtz ausgaangen an huet versicht fir d'Kanner Schrëtt fir Schrëtt un e responsabelen a respektvollen Ëmgang mat onse Ressourcen erunzeféieren.

Ee Schwéierpunkt vun dësem Projet war d'Thema Recycling. D'Crèche Margréitchen engagéiert sech am Recycling an huet sech mat de Kanner d'Zil gesat de Label vun der Superdreckskëscht ze kréien. An dësem Zesummenhang hu mir ons allerlee Froe gestallt: Wat ass Recycling? Wéi funktionéiert Recycling? A firwat ass et wichteg ze recycléieren? Lues a lues sollen d'Kanner erkenne wourop ee soll oppassen. Si bedeelegen sech och aktiv an der Crèche a wëssen elo schonn, dass mir net alles an eng Poubelle maachen: Pabeier a Plastik trennen, dat kennen eis Kanner schonn! Mir hunn op spilleresch Aart a Weis gesi wat wou fir den Tri an eisem Gebai hi muss, wou mir eng Statioun vun der Superdreckskëscht hunn, a stäerken doduerch hiert Ëmweltbewosstsinn an d'Bewosstsinn fir Nohaltegkeet.

D'Kanner sinn demokratesch matagebonne ginn an hunn sech aktiv um Projet bedeelegt, wärend déi Erwuesse virun allem eng Virbildfunktioun duergestallt hunn an hinne mat Erklärungen zur Säit stoungen.

No 3 Méint war et dann esou wäit, an den Här Uwe Zock huet de Kanner an der Equipe zesumme mat den Elteren de Label vun der Superdreckskëscht fir hir Beméiungen iwwerreecht. E grousse Merci fir dat flott Zesummeschaffen an den Engagement vun all Bedeelegten. D'Crèche Margréitchen wäert sech och weiderhi fir Nohaltegkeet duerch Recycling a Respekt virun der Ëmwelt engagéieren.

# Crèche Margréitchen

D’Kanner aus der Crèche erblécksen am Gras
eng kleng Stuppsnues,

- ass dat den Ouschterhues?

An do aus dem Gras luusst e laangt Ouer,

ass et da wierklech wouer?

An do hopst ee mat flénke Been,

iwwer all Aascht a Steen.

Schléit Ecker an eisem Haff.

D’Kanner virwëtzen aus der Fënster a si paff.



## Dem Ouschterhues op der Spuer

Do geet eis Schell,

D’Eltere sinn do - kommt séier.

Iwwert 100 Eeër hat den Ouschterhues
a sengem Kuerf,

dowéinst och un d’Hénger vun der Crèche
e grousse Luef.

Och nach sou ee geschéckte Verstopp geet leider
net duer,

d’Kanner an hir Eltere sinn dem Ouschterhues
schonn op der Spuer.

Am Gras, an de Blummen oder am Sand,

et fënnt sech en Ee fir all Kand.

D’Kierf fëllen sech ëmmer méi,

an d’Educateure preparéiere scho Kaffi an Téi.

Deen huet een sech och verdéngt,

ëmmerhin ass alles fonnt gi wat faarweg war
oder blénkt.

D’Kanner stelle virun d’Dier nach e Stéck Muertekuch

a soen dir, léiwen Ouschterhues, soumat villmools
Merci fir däi Besuch.









# De Kleeschen op Besuch an der Crèche





De 6ten Dezember war den Dag dunn do an de Kleeschen ass an d'Crèche komm.

Trotz e bëssen Opreegung bei deene Klengen, ass de Kleesche mat Gesang begréisst ginn. Am Grupp "Tigeren" huet een d'Lidd nach bis an de Januar eran héieren. De Kleeschen huet jidder Kand eenzel begréisst. D'Kanner ware faszinéiert dem Kleeschen däerfen d'Hand ze ginn. A well jo och jidderee wärend dem Joer brav war, huet de Kleeschen all Kand bei sech geruff an him eng Tiitche mat Séissegkeete geschenkt. No engem klenge Fotoshooting mam Kleesche sinn d'Eltere mat hire Kanner nach e bësse bliwwen an hunn den Dag gemittlech ausklénge gelooss, wärend d'Kanner déi nei Spillsaachen, déi de Kleesche matbruecht hat, entdecke konnten.



# Fuesparty

## an der Crèche

Um Fetten Donneschdeg war ganz Biissen a Fuesstëmmung. D'Freed bei de Kanner an der Crèche war grouss fir sech ze schminken an ze verkleeden. Déi Freed hu mir mat den Eltere gedeelt an hunn den 8 Februar eng Fuesparty organiséiert. Et gouf gedanzt, geschneekt an och gegrimmelt, gedronk, ma och verschott, alles an engem Wuert, et war alt nees eng Kéier richteg flott 🙂



# Fête de carnaval

## à la Crèche Margréitchen



Le 8 février toute la commune Bissen était en mode carnaval. Même les tout petits de la crèche ont été déguisés et maquillés. Nous avons partagé le plaisir avec les parents en organisant une fête de carnaval. Nous avons dansé, nous avons grignoté et nous avons fait des miettes, nous avons bu du jus, ainsi que renversé nos verres, tout en un mot. Cette fête ne sera pas notre dernière 🙂



# Classe de neige 2018

## à Saint-Nicolas-la-Chapelle













Les enfants du cycle 4.1. sont partis du 9 au 16 février 2018 à Saint-Nicolas-la-Chapelle passer une semaine de ski entre camarades. La bonne humeur, la neige et le soleil ont permis aux enfants de passer une semaine inoubliable, loin de leurs habitudes quotidiennes.

A côté du ski, de nombreuses activités furent proposées aux enfants, afin qu'ils apprennent la diversité que nous offrent la montagne et ses alentours.

Les moniteurs de ski, Michel, Jean-Luc et Louis et leur monitrice Noémie ont transmis aux enfants les bases de sauvetage en cas d'avalanches. Une randonnée en raquettes nous a fait profiter de la poudreuse tombée fraîchement la nuit. La visite au musée de la nature à Sallanches









a permis aux enfants de découvrir la diversité des animaux vivant dans les altitudes.

Notre coordinateur Julien, appartenant à la Fol 57, a transmis la prise de conscience et le respect de la nature. Ses chants venant des quatre bouts du monde, ont soudé le groupe et ont laissé résonner un son doux et rythmé à travers tout le chalet.

A côté de toutes ces activités, les enfants ont surtout appris à se débrouiller comme des grands. L'esprit de groupe s'est renforcé et de nouvelles amitiés se sont créées. Leur bonne capacité d'écoute et leur bienveillance ont dévoilé leurs fortes personnalités, leur courage et leur autonomie.

Nous remercions la commune pour cette expérience mémorable qui a été offerte aux enfants et tous les intervenants qui ont rendu possible cette expérience.













# Biissen am Zäitvergläich



Léif Leit.

Mat dëser Ausgab fänkt am Klautjen eng nei Serie un mat Fotoen, déi Biissen gëschter an haut weisen. Eist Duerf huet sech am Laf vun de Jore ganz staark verännert. Villes ass positiv, wann och net alles vu Virdeel ass. Leit déi scho méi laang bei eis wunnen, wäerte mat Nostalgie sech drun erënneren, wéi et fréier war an eis jonk Matbierger kënne gesinn, wat sech iwwer d'Zäit an eisem Duerf gedoen huet.







D'Haus „Bombeli" an der Fléiergaass



D'Fléiergaass (route de Boevange)

Wann Dir al Fotoe vu Stroossen, Haiser oder ganz Vuen iwwert eist Duerf hutt an dir sidd interesséiert an averstanen, datt mir déi Biller am Klautjen oder eventuell an enger spéiderer Ausstellung, dem Public zougängeg maachen, da mellt Iech w.e.g. bei eis (max.steffen@bissen.lu an 83 50 03 528).

D'Equipe vum Klautjen seet Iech elo scho villmools Merci fir Är Mataarbecht.

# Konveniat
## vun de Joergäng
# 1940 bis 1950




## aus der Biisser Primärschoul



Den 23. Mäerz 2018 hunn d'Kolleginnen an d'Kollege vun de Joergäng 1940 bis 1950 aus der Biisser Primärschoul sech op en neits getraff zesumme mat de Partner a Partnerinnen. Bei engem gudde Maufel sinn a geselleger Atmosphär Erënnerungen aus der Jugendzäit ausgetosch ginn - wéi et deemools zu Biissen zougaangen ass a wat zesummen ënnerholl gouf. Et si gutt an och munchmol manner gutt Erënnerungen erëm opgefrëscht ginn. Zwéi Kollegen, de Jos Rospek an de Jos Schartz, allebéid landeswäit bekannt fir flott Danzmusek, haten hiert Material matbruecht an hunn ofwiesselnd no dem Iesse wärend e puer Stonne Musek gemaach. Ugefaange gouf mat dem Biisser Lidd, dat alleguer, mat voller Iwwerzeegung gesongen hunn. De Konveniat war perfekt organiséiert gi vum Aloyse Weber, Änder Laux a Monique Schwarz-Wolf. Den nächste Rendez-vous steet scho fest an zwar an zwee Joer, am Mee 2020.

## Sport- a Jugendkommissioun

# Chrëschtmaart

## 2017






Wéi den Dësch-Tennis 1981 den éischte Chrëschtmaart zu Biissen organiséiert hat, zesumme mat dem Club des Jeunes, konnt bestëmmt kee sech virstellen, dass aus 2 Participanten vun 1981 et der mëttlerweil am leschte Joer 42 géife ginn. Dëst Evenement, wat vu Joer zu Joer ëmmer méi e grousse Succès ze verzeechnen huet a vu ganz ville Leit besicht gëtt, ass aus dem Duerfliewen net méi ewechzedenken. Déi zoustänneg Kommissioun fir d'Organisatioun versicht och fir d'Editioun 2018 nei Iddien an Aussteller an de Frounert ze bréngen. Den éischte Präis fir déi schéinste Chrëschtdeko ass 2017 un den Eltereveräin gaangen. Et goufen zwou zweet Plazen an zwar fir d'Madamm Henriette Dabé a fir den Dësch-Tennis Biissen.












Jugend Haus




Volleyball club
Bissen





## Kulturkommissioun

# Bisart 2018



Zënter 2002 organiséiert d'Biisser Kulturkommissioun all Joer wärend dem Kiermesweekend eng Konschtausstellung, de Bisart. D'Ausstellung ass eng fest Institutioun ginn a gehéiert zur Kiermes, grad wéi den Hämmelsmarsch an d'Spiller op der Kiermesplaz.

D'Ausgab 2018 stoung ënnert dem Motto: NATUR a Bild, Foto a Skulptur.













Beim Vernissage huet de Roger Saurfed, President vun der Kulturkommissioun, drop higewisen, dass déi nei Kommissioun eréischt viru kuerzem ernannt gouf an domat net vill Zäit blouf, fir d'Ausstellung ze preparéieren. Trotzdeem ass et de néng Membere vun der Kommissioun gelongen, een héijen Niveau vun Ausstellungsstécker zesummenzestellen.









De Roger Saurfeld huet allen Aussteller Merci gesot, an och de Gemengenautoritéiten, den technesche Servicer an de Membere vun der Kommissioun. Net manner wéi 25 Artisten hu matgemaach, ënnert hinnen de beschtbekannte Moler a Sculpteur Fränz Dasbourg, e gebiertege Biisser Jong. Dem Fränz seng groussflächeg Tableauen hu fir vill Begeeschterung bei de Visiteure gesuergt.

De Bisart war fënnef Deeg op a gouf all Dag gutt besicht. Wann een d'Qualitéit vun den Exponate kuckt, dann ass den Ausdrock "Kiermesausstellung" net ubruecht. Hei gouf Konscht op héijem Niveau gewisen an et däerf ee gespaant sinn op déi nächst Editioun.



# Fest

## vum 3. Alter

10. Dezember
an der Hal Froumert






















# Internationaler Wassertag in Bissen

## Ein Bach erzählt seine Geschichte

Zum internationalen Tag des Wassers hatten die Umweltkommissionen der Gemeinden Bissen und Colmar-Berg zu einer geführten Wanderung entlang der Buusbach eingeladen. Die Entdeckungsreise unter der Leitung des Revierförsters Serge Reinardt und der Koordinatorin im Wasserhaus Patrice Verscheure begann auf dem "Maart". Mit vielen interessanten Erklärungen gewürzt, ging es dann für die 38 Teilnehmer querfeldein vom Quellgebiet der Buusbach bis zur Mündung in die Attert.

Im unteren Abschnitt bildet der Bach die Gemeindegrenze zwischen Bissen und Colmar-Berg. Betrachtet man den gesamten Streckenverlauf der Gemeindegrenze von Bissen, so stellt man fest, dass etwa 38 % durch einen Bachlauf gebildet werden (blau auf der Karte dargestellt).






# ASIVEMA-
# Trëppeltour





Am 25. März 2018 lud die "Entente des communes et syndicats d'initiative des vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert" (ASIVEMA) zu einem "Trëppeltour" beziehungsweise zu einem "Apéro-Tour" in Bissen.

Unter der Leitung vom Schöffen Carlo Mulbach entdeckten die Teilnehmer die grossflächigen Industriegebiete vor den Toren des Dorfes. Zunächst ging es die Rue de Pettange hinauf, wo bei schönem Sonnenschein sich das Gewerbegebiet Am Seif mit den Unternehmen Luxlait und Creos vor den Augen der Wanderer ausbreitete.

Weiter ging es zum Innovation Campus, zum Bau des Logistikzentrums der Post und zur Kraft-Wärme-Kälte-Kopplungsanlage Kiowatt. Anhand eines Lageplanes und der im Bau befindlichen Gebäude konnte die Wandergruppe sich mit den neuen Unternehmen im Gewerbegebiet Klengbuusbierg II vertraut machen.

Die ASIVEMA lädt zu ihren nächsten Wandertours an den folgenden Termine ein.

- 29. Juli 2018 : Fischbach (Treffpunkt Parking Paschtoueschgaart) ;
- 26. August 2018 : Koetschette (Treffpunkt Centre culturel) ;
- 30. September 2018 : Niederanven (Treffpunkt Parking beim Schwimmbad) ;
- 28. Oktober 2018 : Kopstal (Treffpunkt Parking Wiertspesch) ;
- 25. November 2018 : Eischen (Treffpunkt Parking Um Denn) ;
- 16. Dezember 2018 : Koerich (Treffpunkt beim Schloss).

# Spirituelle Concert

## vum Club Uelzechtdall

Fir hiren 3. Concert huet de Chouer vum Club Uelzechtdall op Biissen an d'Kierch agelueden, déi bis op déi leschte Plaz besat war.

Ënnert der Leedung vum Josy Holcher an um Piano de Paul Hilbert hunn si Wierker vu Bach, Händel a Mozart virgedroen, ausserdeem nach modern Lidder an Negro Spirituals.

D'Gemeng Biissen huet duerno op den Éierewäin agelueden.







# Amis de la fleur spendet

Die AMIS DE LA FLEUR BISSEN überreichten anlässlich der diesjährigen Generalversammlung am 21. Januar 2018 eine Spende von EUR 1.000 an die ASBL EEN HÄERZ FIR KRIIBSKRANK KANNER. Die Spende stellt den Erlös der verkauften "Kraiderweschen" am 14. August der vergangenen zwei Jahre dar.



# The Gospel People

## bei de Soirées Musicales de Bissen





En Donneschdeg, den 11. Januar 2018, war den amerikanesche Grupp "The Gospel People" fir d'drëtte Kéier zu Biissen an der Porkierch op Aluedung vun de Soirées Musicales. Iwwer 250 Leit ware komm, fir dëse Concert ze genéissen a, genee wéi schonn 2014 an 2016, ware si begeeschtert vun de fulminante Rhythmen, de Stëmmen an dem Charisma vun dësen aussergewéinleche Musekerinnen a Museker. D'Arrangementer goufen nees geschriwwe vum Charles W. Creathe, dem musikaleschen Direkter vum Grupp. Wéi och an den zwéi viregte Concerten zu Biissen, hunn de Leadsänger Owen Nixon mat sengen artisteschen Dänz an d'"Big Mamma" Deindre Valentine mat hirer phänomenaler Stëmm, d'Leit matgerass. De Programm stoung ënnert dem Motto "Havin' a good time" an huet ee Potpourri gebuede vu souwuel zäitgenëssescher Gospelmusek mat Rock, Pop a Rap Elementer, wéi traditionell Melodië mat de Gospelen "Amazing Grace" an "O Happy Day" an dem Welthit "We are the world" vu Michael Jackson a Lionel Richie.







# Concert vun der Harmonie

# St. Petrus & Paulus vu Maastricht

Am Kader vun hirem 120jäerege Jubiläum hat d'Biisser Musek e Samschdeg, de 14. Abrëll 2018 d'Harmonie St. Petrus & Paulus vu Wolder-Maastricht (NL) zu Gaascht an der Hal Frounert. Vill Leit hunn sech interesséiert gewisen an d'Hal war gutt gefëllt. D'Harmonie St. Petrus & Paulus huet, nieft dem Harmonieorchester selwer, zwee Jugendorchesteren, eng Jugenddrumband, ee Perkussiounsgrupp, een Drëtt Alter Orchester, ee Fuesendsgrupp an een Hobbyclub. Desweidere bedreift de Veräin eng Museksschoul wou ablécklech 80 jonk Leit ageschriwwe sinn.

Zu Biissen ass de Perkussiounsgrupp als Virprogramm opgetrueden an, no der Paus, war de Concert vun dem groussen Harmonieorchester. D'Concertsstécker waren technesch extrem erausfuerderend, awer d'Musikantinnen an d'Musikante vu Maastricht hunn hir Instrumenter esougutt beherrscht, dass een déi immens Konzentratioun net gemierkt huet. D'Tempoen an d'Nuancen ware perfekt a fir d'Leit an der Hal war de Concert een eenzege musikalesche Genoss.



Wéi beim Sport gëtt et och bei de Museken eng Aart Weltmeeschterschaft, de „Wereld Muziek Concours (WMC)", deen all Joer zu Kerkrade an Holland ausgedroe gëtt. D'Harmonie St. Petrus & Paulus huet dëse Concours 2017 an der héchster Divisioun gewonnen an ass domat den amtéierende Weltmeeschter vun de Blosmuseken.

Den nächsten Highlight am Jubiläumsprogramm vun der Biisser Musek ass de Concert vun der Big Band vun der Militärmusek e Freideg, de 26. Oktober 2018 um 20:00 Auer am Festsall am Veräinshaus.







# Galaconcert

## vun der Biisser Musek

E Samschdeg, de 17. Mäerz, hat d'Biisser Musek op hiren traditionelle Galaconcert „Music 2018" invitéiert. Eng ronn 250 Leit haten de Wee op Biissen an d'Hal Frounert fonnt an hunn ee gelongene Concert mat dem „Special Guest" Michel Volkmann erlieft. Am éischten Deel huet d'Musek ënnert der Leedung vum Armand Meis verschidde klassesch Concertsstécker presentéiert, éier et am zweeten Deel mat dem Solist Michel Volkmann op der elektrescher Gittar méi rockeg ginn ass mat Stécker vu bekannte Rockgruppe wéi Toto oder Led Zeppelin, mee och Stécker aus dem Swing-Beräich wéi dem bekannte „Still got the Blues" vum Gary Moore oder dem „Peter Gunn Theme" vum Henry Mancini.

D'Echoe vun den Zuschauer nom Concert ware ganz positiv. Well de Concert am Kader vum 120te Gebuertsdag vun der Biisser Musek gespillt gouf, ass nom Concert e grousse Gebuertsdagskuch zerwéiert ginn. Bei engem Patt an der Buvette gouf den Owend ausklénge gelooss.

Méi Fotoen vum Owend kënnt Dir op der Homepage vun der Musek ënnert www.fanfarebissen.lu gesinn.

(Fotoen: Jeannot Ley)





# Scheck-Iwwerreechung

## bei der Biisser Sektioun vum Roude Kräiz

Et ass schonn déi fënneft Kéier, dass d'Biisser Rout Kräiz Sektioun der Zentral vum Lëtzebuerger Roude Kräiz e Scheck konnt iwwerreechen aus dem Erléis vun hire lokalen Aktivitéiten.

Fir dës Feier de 16. Mee 2018 am Festsall am Veräinshaus, konnt d'Madamm Ginette Schummer Schmitz, Presidentin vun der Biisser Sektioun, folgend Leit vun der Direktioun vum Lëtzebuerger Roude Kräiz begréissen: d'Häre Michel Simonis, Generaldirekter, a Marc Crochet, Sous-Direkter, an d'Madamm Danielle Vedie, Zoustänneg fir d'lokal Sektiounen.

An hirer Usproch huet d'Madamm Presidentin drun erënnert, dass déi Biisser Lokalsektioun an de leschten 12 Joer véier Scheckiwwerreechunge vu jeeweils 15.000 Euro gemaach huet an zwar,

- 15.000 Euro fir d'Hëllef vun Aids-Opklärung a Berodung,
- 15.000 Euro fir Extraen an den Zëmmere bei der Renovatioun vum Kolpecher Schlass,
- 15.000 Euro fir d'Vakanzekolonie vun de Kanner a
- 15.000 Euro fir de Grupp Zoé, ee Service, dee sech ëm d'Betreiung vu jonke schwangere Meedercher këmmert, déi aus schwierege soziale Verhältnisser kommen.

Bei der Scheckiwwerreechung vum Joer 2018 konnt de Betrag op 20.000 Euro erhéicht ginn.

D'Biisser Sektioun huet sechs gréisser Aktivitéiten am Laf vum Joer. Am Abrëll mécht si mat bei der nationaler Sammelaktioun fir d'Rout Kräiz an am Juli hëlleft si um Kolpecher Schlassfest. Den Erléis vun dësen zwou Aktivitéite geet integral un d'Zentral vum Lëtzebuerger Roude Kräiz.

Et bleiwe véier lokal Aktivitéiten an zwar, de Verkaf vu Floumaartartikelen am Sall am Veräinshaus bei dem Floumaart vum Foussball a wärend dem Maart op Kiermesméindeg. D'Sektioun huet och e grousse Stand beim Floumaart vum Theaterveräin am Summer a verkeeft do, nieft Floumaartartikelen, gebrauchte Kannerspillsaachen, Zockerwäffelcher, selwer geheekelt Ketten an eng grouss Tombola. Déi véiert Aktivitéit ass de Chrëschtmaart, wou d'Sektioun



d'Kaffisstuff mécht a selwer dekoréiert Virwëtztute verkeeft. Den Erléis aus dëse véier lokalen Aktivitéite bleift an der Keess vun der Sektioun a gëtt mat der periodescher Scheckiwwerreechung geziilt un Organisatioune vum Lëtzebuerger Roude Kräiz weidergeleet.

Déi 20.000 Euro aus der Scheckiwwerreechung vun dësem Joer goufen an zwou Tranchen opgespléckt. 10.000 Euro ginn un de Service ambulancier vum Lëtzebuerger Roude Kräiz, deen sech ëm Krankentransporter këmmert an ënnert anerem d'Sekuristenaktivitéiten an d'Hondsstaffel betreit. Déi aner 10.000 Euro ginn un de Fonds d'urgence international an ënnerstëtzen d'Asätz vun Equippe vum Lëtzebuerger Roude Kräiz op der Plaz bei Naturkatastrophen a mënschleche Katastrophen, z.B. an engem Flüchtlingslager am Bangladesch. Fir de Moment ass d'Equipe am Asaz am Tschad.

D'Häre Simonis a Crochet hunn der Biisser Sektioun Merci gesot fir hire groussen Asaz an déi wäertvoll finanziell Hëllef. Heibäi hunn si detailléiert Informatioune ginn zu den Aktivitéiten déi mat deenen zwéin iwwerreechte Schecken ënnerstëtzt ginn.

# FC Atert

## ass an d'Eirepromotioun gestiegen

| Classement<br>Seniors Division 1 Série 1 | | Points | Joué | Gagné | Perdu | Match nul | Buts pour | Buts contre | Diff. buts |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Atert Bissen | **64** | **26** | **20** | **2** | **4** | **59** | **24** | **35** |
| 2 | FC Lorentzweiler | 54 | 26 | 17 | 6 | 3 | 65 | 33 | 32 |
| 3 | Alisontia Steinsel | 53 | 26 | 16 | 5 | 5 | 66 | 29 | 37 |
| 4 | Sporting Mertzig | 52 | 26 | 16 | 6 | 4 | 44 | 35 | 9 |
| 5 | Marisca Mersch | 43 | 26 | 12 | 7 | 7 | 59 | 39 | 20 |
| 6 | Alliance Aischdall Hobscheid-Eischen | 40 | 26 | 12 | 10 | 4 | 47 | 46 | 1 |
| 7 | Minerva Lintgen | 37 | 26 | 11 | 11 | 4 | 40 | 31 | 9 |
| 8 | FC Kehlen | 34 | 26 | 10 | 12 | 4 | 43 | 52 | -9 |
| 9 | SC Steinfort | 32 | 26 | 9 | 12 | 5 | 38 | 42 | -4 |
| 10 | Blo-Wäiss Medernach | 31 | 26 | 9 | 13 | 4 | 41 | 46 | -5 |
| 11 | FC Bastendorf 47 | 30 | 26 | 8 | 12 | 6 | 38 | 49 | -11 |
| 12 | AS Wincrange | 25 | 26 | 7 | 15 | 4 | 35 | 57 | -22 |
| 13 | Orania Vianden | 11 | 26 | 3 | 21 | 2 | 27 | 81 | -54 |
| 14 | US Boevange-Attert | 10 | 26 | 2 | 20 | 4 | 31 | 69 | -38 |



















# VOLLEYBALL CLUB BISSEN

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF

Zwee Joer sinn et mëttlerweil hier, datt de Volleyball Club Biissen gegrënnt gouf.

Bei der Generalversammlung vun der Volleyballfederatioun (FLVB) 2017 gouf de Projet vun den Ententen eestëmmeg ugeholl, wat eis et erlaabt, eng Entente mam CHEV Dikrech anzegoen.

Duerch dëse Schrëtt krute mir d'Méiglechkeet, eis jonk Spiller a Spillerinne bei offizielle Matcher unzemellen. Béid Veräiner kënnen esou staark a motivéiert Jugendequippen op d'Bee stellen.

Schliisslech ass et e wichtegt Ziel, datt d'Kanner a Jugendlecher sech kënnen op Matcher ënner Beweis stellen an dat ëmsetzen, wat si um Training geléiert hunn.

Fir de Championnat 2017-2018 ware folgend Equippen ugemellt:
• Minimes: Entente BIISSEN / CHEV Dikrech
• Scolaires: Entente CHEV Dikrech / BIISSEN
• Cadets: Entente CHEV Dikrech / BIISSEN

All eis Aktivitéite kënnt Dir op eisem Internetsite ënner www.vcbissen.lu nokucken.

No der éischter erfollegräicher Saison, wou eis Cadeten d'Finalle vun der Coupe de Luxembourg gespillt hunn, si mir houfreg fir Iech alleguerten den 22 September vu 14 Auer bis 17 Auer op eis drëtt Porte Ouverte anzelueden. Eis Trainere maachen sech eng Freed, fir Iech bei ärer éischter Experienz ze ënnerstëtzen.

Fir d'Saison 2018/19 wäerte mir och nees Minimes-, Scolaires-, a Cadetsequippen umellen. Weider wëlle mir eis Aktivitéiten am Volley-Loisirs fir Erwuessener ausbauen.

Als jonken a dynamesche Veräin ass de VC Biissen natierlech op der Sich no weidere motivéierte Spiller a Spillerinnen awer och Leit, déi wëllen am Komitee eng Hand mat upaken.







## Generalversammlung vum

# Dammentournveräin

Am 2. März 2018 fand die diesjährige Generalversammlung des 52 Turnerinnen zählenden Damenturnvereins statt. Es war zugleich die erste Generalversammlung ohne die langjährige, zu früh verstorbene Sekretärin Reni Back-Dasbourg. Der neue Vorstand unter dem Vorsitz ihrer Präsidentin Rita Hillmann setzt sich sich aus der Vize-Präsidentin Renée John, der Sekretärin Daniela Mrani, der Kassiererin Gaby Marnach sowie den Mitgliedern Francine Kayl, Berthy Engelmann und Liliane Loscheider zusammen.



# Nachprimiz von Jacques Bruns



Der 29 Jahre alte Jacques Bruns stammt aus Sandweiler. Nach seinem Abitur am hauptstädtischen „Lycée des garçons" absolvierte er sein propädeutisches Jahr im Luxemburger Priesterseminar, bevor er zum Theologiestudium nach Trier und Dublin geschickt wurde.
Seit September 2016 und auch nach seiner Diakonenweihe im Juni 2017 ist er in der hiesigen Pfarrei „Äischdall-Helpert Saint-Willibrord" tätig.

